



eng gemeinsam Pressekonferenz, wou ech och an där Pressekonferenz kloergemaach hunn, dass ee selbstverständlich muss d'Recht hunn, fir Aktiounen vun der israelischer Regierung ze kritiséieren an heiansdo och ze condemnéieren, esou wéi mer d'Recht hunn, Aktiounen vum amerikanesche President oder vum italienesche President ze kritiséieren an ze condemnéieren, wa mer mengen, mir sollten dat maachen.

Dat heescht awer net - a speziell dem Iraner hunn ech dat gesot -, dass een d'Existenzrecht vun Israel als Natioun, als Vollek, als Land daerf a Fro stellen, gradesou wéi et net geet, dass een dauernd derëm ufänkt, fir d'Shoah entweder ze niéieren oder ze minimiséieren, wat do geschitt ass. An dee Besuch vum iranischen Ausseminister huet mer och d'Geleeënheet ginn, fir dat am Numm vun der Lëtzebuerger Regierung haart an enger Pressekonferenz kënne ze soen.

Voilà, Här President. Nach eng Kéier Merci fir déi Initiativ, Här Huss, an och der Chamber. Ech sinn och iwwerzeegt, dass all Fraktiounen déi Resolutioun, déi elo virläit, wäerte matdroen.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci och dem Ausseminister. Elo misste mer eigentlech zur Ofstëmmung kommen. Den Här Kartheiser freet nach eng Kéier d'Wuert, fir och d'Positioun vun der ADR zu där neiformuléierter Resolutioun ze ginn.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Ech hat eigentlech probéiert, Här President, andeem ech Iech Merci soen, fir mer nach eng Kéier d'Wuert ze ginn, eng Fro iwwer Iech un den Här Fayot ze riichten, nämlech ob nach e Verhandlungsspillraum an där Resolutioun besteet.

(**Interruption**)

► **M. le Président.**- Jo, neen. Jo?

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Dat ass nämlech eng Fro. Ech kéint proposéieren, dat mer fir d'Éischt driwwer schwätzen, ob do nach kann iwwert den Text geschwat ginn, ier mer zum Vote kommen. Ech mengen, dat géif natierlech d'Resultat vum Vote och beaflossen.

► **M. Marc Angel (LSAP).**- Da sot, wat Der gär géift änneren.

► **M. le Président.**- Här Kartheiser, ech mengen, elo hat jiddwereen d'Méiglechkeet sech souwuel par rapport zu der Resolutioun vum Här Huss wéi zu där, déi vum Här Fayot nei formuléiert ginn ass, ze artikuléieren. Mir kënne awer elo net hei während enger ondefinéierbarer Zäit ëmmer erëm diskutéieren. Duerfir géif ech wierklech elo proposéieren, dass ech déi Resolutioun vum Här Fayot géif zum Vote bréngen.

Kënne mer dozou à main levée ofstëmmen?

(**Assentiment**)

Gutt.

Vote sur la résolution de M. Ben Fayot

Da géif ech froen: Wien ass mat där Resolutioun d'accord?

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder wär also déi Resolutioun géint dräi Enthaltungen ugeholl.

Da kéime mer elo zur Question avec debat N°11 vum Här Fernand Kartheiser iwwert d'Attack vun der israelischer Arméi op d'„Gaza Freedom Flotilla“. Den Auteur vun der Fro huet fënnf Minutten Zäit, fir seng Haaptfro an no der Äntwert vum Minister seng Zousazfro virzedroen. Der Regierung stinn zéng Minutten zou. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

2. Question avec débat N°11 de M. Fernand Kartheiser au sujet de l'assaut militaire israélien contre la «flottille Gaza»

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Merci, Här President. Ech mengen, mir sinn an de Prozeduren e bëssen duerjerveegeroden. Ech erlabe mer dat ze soen, obschonn ech nach ëmmer relativ nei hei sinn. Well ech mengen den Här Minister huet scho villes gesot. An et wär och flott

gewiescht, wa mer hätte kënne eis Absententoun motivéieren iwwert dee leschte Vote. Mä bon, ech kommen elo un déi Fro.

(**Interruptions**)

► **M. le Président.**- Här Kartheiser, mir sinn elo bei Ärer Question avec débat. Ech géif Iech elo bieden, déi ze stellen, an da kritt Der dorobber eng Äntwert vum Här Ausseminister.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Villmools Merci.

Den 31. Mee huet den Här Minister Asselborn bei enger Konferenz zu Kampala gesot: «Je condamne fermement les responsables du raid contre la flottille „Gaza“ qui a fait quelque 15 morts.» Virdrun hat hie gesot, dass hien déi Erklärung géif maachen, well hien den eenzegen europäeschen Ausseminister bei därer Konferenz wär: «comme je suis le seul ministre européen des affaires étrangères présent à cette conférence.»

An der Diplomatie sinn déi Wieder, déi den Här Asselborn gewielt huet, vun enger ganz grousser Bedeitung. Si sinn aussergewöhnlech schaarf a si sollen dowéinst och nëmmen ënner ganz aussergewöhnlechen Ëmstänn gebraucht ginn. A selbstverständlich muss ee sech senger Saach och ganz sécher sinn.

Haut ass awer gewosst, dass déi Gaza-Flottille net primär eng humanitär Operatioun war, mä eng politesch, fir de Blocus vum Gaza ze duerchbriechen, an et ass gewosst, dass Israel offréiert hat, fir d'Hëllefsgidder zu Ashdod ofzelueden a si dann um Landwee an ënner internationaler Observatioun an d'Gazasträif ze bréngen. Dat gouf awer vun den Organisateur refuséiert. Haut héiere mir och, dass d'Hamas selwer Problemer mécht, fir déi Gidder an d'Gazasträif eranzeloossen.

Et ass sécher esou, dass d'Opportunitéit vum Blocus vu Gaza kann diskutéiert ginn, awer nëmmen ënnert der Berücksichtigung vun dem Interessi vun alle Parteien; an dozou gehéieren och Israel a mir selwer. Mir sollen net vergiessen, wien am Gaza d'Soen huet; an dat ass déi proiranesch Hamas.

Et ass och gewosst, dass Israel dës Aktioun mat allgréisster Wahrscheinlechkeet - ech soen „Wahrscheinlechkeet“ - a Konformitéit mam internationale Krichsrecht duerchgefouert huet, an zwar souwuel wat d'Duerchsetzung vum Blocus um héije Mier no deene Regeln, déi do applicabel sinn, wéi och wat d'Warnunge vun de Schëffer ugeet. Fënnf vun deene sechs Schëffer hu jo och mat Zäit gestoppt.

D'Tatsaach ass awer och, dass d'Operatioun vun israelischer Säit schlecht duerchgefouert ginn ass an dass et wahrscheinlech méiglech gewiescht wär duerch d'Wiel vun anere Moyenen an aneren Taktike Mënscheliwwen ze schounen a Verletzungen ze verhënneren. Eist Matgefill geet un all Affer, déi am Kader vun där Operatioun erlidde goufen, an hir Familljen.

Eng neutral transparent an onofhängeg Enquête kéint a sollt déi rechtlech Elementer opklären. Esou huet och den UNO-Sécherheetsrot et gefrot.

Et ass och gewosst, dass d'Gewalt mat grousser Wahrscheinlechkeet vu militanten Aktivisten op der Mavi Marmara ausgegangen ass an dass d'israelesch Zaldoten an Noutwier geschoss hunn - déi Indikatioun huet haut den Här Bülent Yildirim, President vun der IHH, nach eng Kéier confirméiert; dat ass op den Internetsäite vun der „Frankfurter Allgemeine“ a vum „Spiegel“ haut confirméiert ginn -, an dass déi tierkesch IHH, déi dës Aktioun organiséiert huet, vun enger Rei vu gutt informéierte Quellen am Zesummenhang mat extremistesche Mouvementer bruecht gëtt. Et kann een also viru séieren an naive Solidaritéitserkklärungen nëmme warnen.

Duerfir froen ech haut den Här Ausseminister:

Firwat hien esou fréi an an esou schaarfe Wieder an ouni all néideg Informatiounen ze hunn, och wat déi genee Zuel vun den Affer ugeet, Israel eesäiteg condemnéiert huet;

firwat dass hien eist Land an d'Lager vun deene State bréngt, déi oppen israelfeind-

lech sinn an doduerch souguer enger Lëtzebuerger Impartialitéit - wann een déi dann iwwerhaapt weilt - am No-Ost-Konflikt all Kredibilitéit ewechhëlt;

firwat, dass hien zu Kampala den Uschäin ginn huet, eng europäesch Meenung ze verrieden, an duerfir kee Mandat hat an och fir d'Verriedung vun esou enger radikaler Positioun, wéi senger, bestëmmt kee Mandat kritt hätt;

firwat dass den Här Ausseminister den israelischen Ambassadeur convoquéiert huet - et ass iwwregens nëmmen e Chargé d'affaires komm -, wat bal kee Land gemaach huet an eis Relatiounen mat Israel nëmmen nach weider a vollkommen onnéideg belaauscht;

firwat dass den Här Ausseminister net och d'Hamas kritiséiert, eng extremistesch an islamistesch Organisatioun, déi Israel kontinuierlech militäresch ugräift mat Rakéiten a Mortieren, d'Existenzrecht vun Israel net unerkennt, keen Accord a wichtege Friddensfroe mat der Fatah fënnt an d'Mënscherechter vun der palästinensescher Populatioun an der Gazasträif mëssuecht.

De Fazit vun därer Aktioun vum Här Asselborn ass, dass eist Land e groussen diplomatesche Schued erlidden huet. Et ass bedauerlech, dass den Här Ausseminister net reagiert, wann et néideg wär, wann zum Beispill an eisen Nopeschlänner eist Land menacéiert gëtt oder wann eis institutionnell Rechter vun der Europäescher Kommissioun mat Féiss getrëppelt ginn. Wa mir eisen Ausseminister brächten, ass en net do. Et schéngt ebe méi bequem ze sinn, fir Israel ze kritiséieren, och wann et zu Onrecht ass.

Merci, Här President.

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Kartheiser Merci, an elo kritt den Här Ausseminister d'Wuert.

► **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères.**- Jo, Här President, ech mengen, ech kann dat elo ganz kuerz maachen. Ech hu Stellung bezu gehat. Hei si mer konfrontéiert mat engem vun deene kruziaalste Problemer fir de Weltfridden. Ech mengen net, dass ee sech do soll an de Méandrë vun obskuren État-d'âmen ze vill eraloossen.

Duerfir géif ech mengen, dat, wat ech gesot hunn zu Kampala, hunn ech gesot, well ech en Ausseminister sinn, deen awer sécher ass, dass esou Operatiounen wéi déi doten eben eng falsch Pist sinn. An ech hu mech elo grad explizéiert hei op der Tribün bei Iech, Här President, dass een an der Aussepolitik heiansdo muss Fueref bekennen an et muss ee soen, wat richtig ass a wat net richtig ass. Dat hei huet mer net richtig geschéngt an duerfir hunn ech et gesot. Ech hunn et och mat engem Wuert gesot; „condamnéiert“ hunn ech gesot.

An ech ginn Iech, wann Der mer dat erlaabt, ech kann dat net alles opzeechnen, eng Lëscht vun de Reaktiounen vun den europäesche Länner. Dat ass vu mengen Déngschter consciencieusement opgestallt ginn. Ech géif Iech déi déposéieren. Déi Deputéiert, déi da wëllen doranner Asiicht huelen, déi sollen dat maachen.

(**M. Jean Asselborn dépose une documentation.**)

Fir de Rescht hunn ech elo grad a menger Interventioun zur Resolutioun alles gesot, wat ech ze soen hat.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Ausseminister. Den Här Kartheiser huet d'Recht nach eng Kéier d'Wuert ze ergräfen. Här Kartheiser, wann ech gelift.

► **M. François Bausch (déi gréng).**- Seng fënnf Minutte waren ofgelaf an en huet just fënnf Minutten zegutt.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Här President, ech soen Iech Merci. Ech huelen dann d'Recht, fir eng Zousazfro ze stellen. Den Här Ausseminister huet eis gesot, dass...

► **M. le Président.**- Stellt Är Fro ganz schnell, Här Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Ech maachen dat esou séier, wéi et geet.

Den Här Ausseminister huet eis gesot, dass en als Resultat vum Friddensprozess e pa-

lästinensesche Stat gesäit inklusiv Ostjerusalem. Meng Fro un den Här Ausseminister ass, ob hien net mengt, dass déi territorial Konfiguratioun vum zukünftege Palästina misst e Resultat vum Friddensprozess sinn, an net eng Donnée au départ.

Villmools Merci.

► **M. le Président.**- Gutt. Merci. Den Här Ausseminister, wann ech gelift.

► **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères.**- Also, Här President, dat géif eis elo wäit féieren. Mä Dir wësst an einfache Wieder, do gëtt et UNO-Resolutiounen, dat ass den israelischen Territoire an deen definéiere mer an Zwëschenzäit souwuel an der Europäescher Unioun esou, wéi och am Quartett. D'Quartett, fir dat hei ze soen, dat ass d'UNO, et sinn d'Amerikaner, et sinn d'Russen an et ass d'Europäesch Unioun.

Dat sinn d'Grenze vun 1967. Dat ass also fir Israel kloer. Wann herno en „swap“ gemaach gëtt, wann deen Territoire vu '67 a sengem Areal e weénege ka gewiesselt ginn, an et fënnt een do en Accord mat Territoiren an der „West Bank“, dann huet keen eppes dergéint. Do ware mer bei Annapolis ganz no bäi, fir dat fäerdeg ze bréngen. Dat ass dat Éischt.

Dat Zweet, dat ass, jiddwereen, dee sech eng Kéier mam Moyen-Orient beschäftegt huet, dee weess, wann Israel an de Grenze vu '67 ze definéieren ass, dass et tëscht Israel a Jordanien d'„West Bank“ gëtt, d'Cisjordanie gëtt. Dat ass also den Territoire, dee Palästina zougesprach gëtt.

Et gëtt Gaza, dat ass deen Territoire, deen d'Israelie verlooss hunn ënnert dem Här Sharon - do kënnt Dir Iech vläicht erënnere - virun dräi Joer, mengen ech. An dat ass och en Territoire, deen net revendiquéiert gëtt vun Israel, bien au contraire, mä deen de Moment vun Israel blockéiert gëtt.

An da gëtt et eppes Drëttes, dat ass Jerusalem. Jerusalem muss kënne liewen als eng Stad, déi selbstverständlech zu Israel gehéiert, mä awer och selbstverständlech am Oste vun der Stad zu dem Palästinenserstat.

Wann een dat seet, Här President, an dat ass keng Erfindung vu mir, well esou dichte sinn ech guer net, dat ass eng Tatsaach. Wann een déi Regioun do e weénege kennt, da weess een, dass och d'schwedesch Présidence probéiert hat, dat doten a Resolutiounen ze kréien. Si hunn et bal fäerdeg bruecht gehat.

An ech mengen, dass eis Frënn an Israel sech och sollen dorobber astellen, wa se à long terme wierklech Fridde wëllen, dass déi dote Répartitioun an och déi doten Optik eenzeg an eleng wäert machbar sinn, fir eng Kéier dat ze errechen, wat mir jo wëllen; wat heescht, mir wëllen zwee Staten: en israelischen an e palästinenseschen, déi „side by side“, déi Säit bei Säit kënne liewen, deen ee gradesou sécher wéi deen aneren.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci och dem Ausseminister.

Domadder si mer um Enn vun där Diskusioun a mir kommen elo zum Projet de loi 5956 iwwert den Ëmbau vun de Gebailechkeete vum Centre intégré pour personnes âgées vun der Fondation Pescatore. D'Riedezäit ass hei nom Basismodell festgeluecht, an et hu sech bis elo ageschriwwen: d'Madame Brasseur an den Här Colombera. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Paul-Henri Meyers. Här Meyers, Dir hutt d'Wuert.

3. 5956 - Projet de loi portant modification de la loi du 13 mars 2007 autorisant la participation de l'État à la reconstruction de l'Aile Centrale, à la rénovation, la transformation et la modernisation de l'Aile Cité du Centre intégré pour personnes âgées de la Fondation J.-P. Pescatore

**Rapport de la Commission de la Famille, de la Jeunesse et de l'Égalité des chances**

► **M. Paul-Henri Meyers** (CSV), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet 5956 autoriséiert d'Regierung, fir sech um Neibau vun der Fondation Pescatore ze bedeelege mat engem Betrag vun 11.634.870 Euro. Dee Betrag entsprécht der Quote 666,12 vum Bauindex vum 1. Abrëll 2008.

Duerch d'Gesetz vum 13. Mäerz 2007 war d'Regierung schonn eng Kéier autoriséiert ginn, fir sech un de Bau- a Renovatiounskäschte vun der Fondation Pescatore ze bedeelege mat engem Betrag vun 9.486.424 Euro. Dee Betrag huet dem Bauindex 618,55 entsprach vum 1. Oktober 2005.

Allerdéngs huet sech bei de Renovatiounsaarbechte vum Zentralfligel vun der Fondation erausgestallt, datt aus Sécherheitsgrënn d'Renovatiounsaarbechten, esou wéi se virgesi waren, net konnten duerchgezu ginn, mä datt dat Gebai huet missen ofgerappt ginn an nei opgebaut ginn. Dat huet och mat sech bruecht, datt zousätzlech zwielef weider Zëmmere konnte geplangt a gebaut ginn. D'Zuel vun den Zëmmere geet also erop vun 32 op 44.

De Projet de loi ass schonn de 17. November 2008 déposéiert ginn duerch d'Madame Jacobs, Familjeministesch. De Conseil d'État huet awer säin Avis eréischt den 23. Mäerz 2010 ginn. De Statsrot huet an enger Korrespondenz, déi e mat der Regierung geféiert huet, d'Meenung ausgedréckt, dass ee gegebenenfalls keen neie Projet de loi géif brauchen, well duerch d'Gesetz vum 29. Mee 2009 d'Regierung autoriséiert war, allgemeng all Projete bis zu enger Héicht vu 40 Milliounen Euro ze realiséieren ouni zousätzlecht Gesetz, esou wéi den Artikel 99 vun der Verfassung dat virgesäit. Dat Gesetz vum 29. Mee huet nämlech och aus wirtschaftleche Grënn dee Seuil vu 7,5 Millioun, deen den Artikel 99 vun der Verfassung virgesäit, op 40 Milliounen eropgesat.

D'Kommissioun huet déi juristesche Lag och ënnersicht. Mir waren éischter der Meenung vum Statsrot, dass dat Gesetz vum 29. Mee en allgemenge Charakter huet, dass all Bestëmmungen, déi virdru bestanen hunn am Zesammenhang mat dem Seuil, deen den Artikel 99 virgesäit, ofgeschaaft sinn, dass also vun deem Dag un, wou dat Gesetz am Mémorial verëffentlecht ass, d'Regierung autoriséiert ass, bis zu der neier Limite vu 40 Milliounen Engagementer ze huelen an och Projete bis zu deem Betrag ze realiséieren.

D'Regierung war awer anerer Meenung. Dat kann een och verstoen. D'Regierung war der Meenung, dass déi Projeten, déi virdru agereecht si ginn, déi virdru ugefaange si ginn an déi zum Deel virdru scho fäerdeg gestallt si ginn, wéi dat bei der Fondation Pescatore de Fall war, missten autoriséiert ginn, esou wéi deen alen Text et virgesinn huet.

D'Commission de la Famille huet sech deem net widderst, well mer der Meenung sinn, dass et hei net ëm juristesche Streidereie geet, mä dass de But vum Gesetz awer ass, fir der Fondation Pescatore ze hëllefen a fir d'Regierung ze autoriséieren, fir déi eelef Milliounen kennen ze débloquent. Duerfir huet och d'Kommissioun de Projet de loi analyséiert, an d'Kommissioun huet sech och eestëmme mat deem Projet d'accord erkläert. An ech géif och d'Chamber bidden, de Projet an der Form ze stëmmen, wéi mer en an der Kommissioun festgehalten hunn.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Ech soen dem Här Meyers Merci, an als éischt Riednerin ass déi honorabel Madame Brasseur agedroen. Madame Brasseur, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **Mme Anne Brasseur** (DP).- Här President, ech wëll net an d'Debatt agoen, ob mer hei e Gesetz musse stëmmen oder net. Den Här Meyers, deen huet dat elo

grad dévéléppéiert. Ech ginn éischter der Kommissioun an hirem Gefill Recht, wéi och dem Conseil d'État. Mä vu dass d'Regierung gemengt huet, mir sollen hei e Gesetz stëmmen an dass dat dann definitiv fir Kloeherheet suergt, da solle mer dat och maachen.

Ech soen dat och a menger Qualitéit als President vun der Budgetskontrollkommissioun. An hei ass d'Regierung da ganz virsiichteg, wat ech och ka verstoen. An ech wëll och dann den Accord vu menger Fraktioun – éischters - derzou ginn, dass mer hei eriwuer debattéieren, an zweetens, dass ech och den Accord zum Projet de loi selwer ginn.

Zum Contenu ass net vill ze soen. Ech wëll just bäiflécken, dass dat hei an der Suite ass vun där Debatt, déi mer gëschter hatten. Gëschter hu mer iwwert d'Rente geschwat, well fréier wor d'Solidaritéit an der Famill. Do ass een opkomm fir e Member vun der Famill, wann en am Besoin wor an et huet een en och duerno versuergt. Haut huet och Sociéitéit evoluéiert. Si huet sech geännert. A welch Richtung, do ass et jiddwerengem iwwerlooss doriwwer ze jugéieren. Mä d'Solidaritéit muss elo net vun der Familljen iwwerholl ginn, mä vun der ganzer Gesellschaft, souwuel wat déi materiell Versuerung ubelaangt duerch d'Renten, an dann och wat déi ganz Ënnerbréngung vun eelere Leit ubelaangt, an duerfir d'Altersheimer. A mir hu jo am Laf vun de Joreng eng ganz Partie Gesetzer hei gestëmmt, wou de Stat 80% bälleet.

Ech wollt just soen, dass d'Fondation Pescatore eng vun deenen éischten Institutione war - méi wéi 100 Joer ass se al - an dass mer dem Här Jean-Pierre Pescatore elo nach ëmmer kënnen dankbar si fir déi Fondation, déi e gemaach huet, sengerzäit mat 500.000 Frang. An en huet dann och der Stad Lëtzebuerg, niewent deem dote Legs, och nach eng Kollektioun vun Tableaux a vu Konschtwierker iwwermëttelt, déi een elo an der Villa Vauban ka bewonneren.

Ech soen och deene successive Fondatione Merci, wéi der Fondation Wurth-Cuvelier, déi och gehollef huet, dass déi Fondation sech konnt dévéléppéieren. An am Fong hätte mer all nëmmen ee Wonsch haut, dat wier, wa mer nach esou Bienfaiteure géife fannen, dat géif d'Liewe vun ons all méi einfach maachen. Hei handelt et sech ëm d'Awunner vun der Stad Lëtzebuerg, déi elo laang konnten dovun bénéficiéieren.

Selbstverständlech stëmmen mir dësse Projet de loi, well haut wier, ouni d'Hëllef vum Stat, dat do net méi méiglech. Dat war an der Zäit méiglech, mä dann ass elo de Stat de Bienfaiteur fir all déi Leit, déi do era kommen.

Merci villmools.

► **M. le Président**.- Merci der Madame Brasseur. Als nächste Riedner ass den Här Angel agedroen. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Angel** (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am 20. Jorhonert huet d'Zuel vun de Leit, déi iwwer 65 Joer al ginn, sech mat véier multiplizéiert. An déi Tendenz ass steigend. Ech mengen, gëschter am Débat iwwert d'Renten hu mer jo vill och doriwwer geschwat. Duerfir ass et wichteg, dass mer haut dësse Projet stëmmen, an duerfir begrëisse mir als LSAP och déi vill Efforten, déi successiv Regierungen an deene leschte 15 Joer gemaach hunn, fir weider Altersheimer a Fleegeheimer ze bauen.

D'Fondatioun - wéi mir ganz einfach an der Stad soen - gëtt et, wéi gesot, säit 1892, a si huet am Laf vun deenen 118 Joer ganz vill Changementer matgemaach. Dësse leschte Changement ass, wéi gesot, schonn 2007 fäerdeg ginn an eröffnet ginn, an den Här Meyers huet et jo gutt erkläert, et war net nëmmen eng Vergrëisserung an eng Moderniséierung, mä dat Gebai ass och vill méi praktesch gemaach ginn.

Ech wollt mer nach eng perséinlech Remarque erlaben an un d'Ministesch riichten: Mir hunn elo d'Zuel vun de Pensionären duerch dës Aarbechte vun 301 op 375 gehéicht. Dat ass, menger Meenung no, dee gréisste CIPA hei am Land. Ech wollt just do virdru warnen, dass mer net nach eng Kéier sollen do vergrëisseren,

well ech fannen 375 Leit, dat geet duer. Et muss een och op d'Convivialitéit oppassen, wann ee CIPAE baut. Duerfir fannen ech déi Approche, wéi d'Fondatioun se selwer gemaach huet, dass se dezentral um Lampertsbiereg nach eng Annex gebaut huet, fannen ech eng ganz gutt Saach. Ech wollt just dorop opmierksam maachen.

Mir hatten 2007, wéi mer dësse Projet gestëmmt hunn, och eng grouss Diskussioun iwwert d'Dezentraliséierung, an do huet d'Madame Ministesch eis déi Woch drop an der Familljekommissioun eng Kaart matbruecht, wou mer hei am Land CIPAE hunn, déi et ëtt, déi ëmgebaut ginn an déi geplangt ginn. Ech huelen un, dass an deenen... Et sinn elo dräi Joer hier an ech wier frou - Dir hutt dat jo alles am Ministère - wann Der eis eng Kéier déi nei Kaart kéint matbréngen.

Dat gesot, wollt ech dem Rapporteur awer och Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport, an d'LSAP gëtt selbstverständlech hiren Accord fir dësse Projet.

Merci.

► **M. le Président**.- Merci dem Här Angel, an als leschten agedroene Riedner hunn ech elo den Här Colombero. Här Colombero, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jean Colombero** (ADR).- Merci, Här President. Merci un den Här Rapporteur fir dës Bericht. Mir ënnerstëtzen all Projet, all Altersheim, all CIPA, all Effort, déi d'Regierung mécht fir eis eeler Bierger. Mir ënnerstëtzen de Projet hei och, a mir wäerten dee matstëmmen.

Mir hu leider e kleng Bémol, dat ass de Präis. Wann ee kuckt, wéi vill dass dat kascht. Mir hunn ausgerechent, dass een Zëmmer 330.000 Euro kascht! An ech menge fir 330.000 Euro, dat ass d'Équivalenz vun ongeféier engem Appartement vun 90 bis 100 m². Do stellt sech d'Fro, ob een net ka vläicht e bëssche méi bëlle bauen, déiselwecht Qualitéit, awer vill méi bëlle.

Ech verstü vläicht de Souci vun der Regierung, dass se wëllt eng Relance économique hunn. Dat ass alles an der Rei. Mä ass dat net vläicht e falscht Signal, well am private Secteur sinn déi Präisser do net ze droen? An duerfir géif ech d'Regierung bidden beim nächste Projet vläicht e bësschen do ze kucken, dass de Präis net esou héich ass. Fir de Rescht ginn ech den Accord vun eiser Partei.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président**.- Ech soen dem Här Colombero Merci, an elo kritt d'Wuert d'Familljeministesch Marie-Josée Jacobs.

► **Mme Marie-Josée Jacobs**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Merci, Här President. Ech wëll virun allem dem Rapporteur, dem honorabelen Här Meyers, villmools Merci soen, deen hei deen extensive Rapport gemaach huet, a wou näischt méi doriwwer soss ze soen ass. A mir freeën eis virun allem doriwwer, datt haut dat Gesetz gestëmmt gëtt an d'Leit endlech an de Genoss vun deene Sue kommen, op déi se ewell eng Zäitche waarden, a wou eben duerch dat bësslechen Hin an Hier, dat den Här Meyers och beschriwwen huet, dat e bësse méi laang gedauert huet.

Ech géif mech selbstverständlech de Wënsch vun der Madame Brasseur uschlëssen, well ech maachen och alt heiansdo ronderëm Propaganda fir esou Bienfaiteuren, an ech muss soen, ech weess awer net ëmmer, ob ech mat deem néidegen Erfolleg do gekréint sinn. Mä vläicht, wann een emol géif weisen, wat alles nach kéint iwwer 100 Joer vun engem iwwreg bleiwen, wier dat eppes, wat d'Leit géif motivéieren, erëm méi och fir esou Wierker hei zu Lëtzebuerg ze ginn an ze maachen, an dat géif vläicht deen een oder deen anerem awer motivéieren. Well ech denken, datt déi Sue sécher gutt ugeluecht sinn, a wéi gesot, ee méi dovunner huet, wéi vläicht aner Saachen domadder unzefänken.

Dann huet den Här Angel gefrot no der Kaart. Här Angel, wann Der an de Rapport vun dem Familljeministere kuckt, da fannt Der se do dran erëm, esou wéi Der och all aner Investissementer vun Familljeminis-

tère fannt, an och gesitt, datt aner Saachen... Heiansdo ginn esou Etüden dorëmmer gemaach. Déi sinn dann ewell dräi Joer al, ier se emol erauskommen. An da sinn natierlech déi Kaarten och net méi ganz vill Wäert, déi een dann och ëmmer an den Zeitunge gesäit. Et ass also am Rapport vun dësem Joer, wou Der gesitt, wéi dat sech entwéckelt huet.

Dem Här Colombero seng Iddi, fir ze soen, et kann een dat méi bëlle maachen, ass sécher eppes, wat een ëmmer ka mat op de Wee huelen. Mir wëssen awer, datt och do jiddweree sech e gewëssene Confort erwaart, d'Zäiten eriwuer sinn, wou een nach zu zwee op déiselwecht Toilette wëllt goen an zu zwee an engem Zëmmer wëllt sinn. Et ass eppes anescht, wann een 365 Deeg an engem Zëmmer ass, wéi wann ee vläicht an e Spidol geet, wou een dräi oder véier Deeg ass. Mä wann ee wierklech méi laang do ass, wann een och wierklech Soine brauch, ass et och wichteg, datt awer och dann eng Intimitéit respektéiert ka ginn. Wéi gesot, ech si gären domat d'accord, datt Eenzelner vläicht méi gënéreis gebaut goufen, wéi et onbedéngt hätt misse sinn, mä op där anerer Säit een net ka justement och do awer ze vill spueren.

Dat, wat ganz sécher ass, dat ass, datt et eis net méi bëlle gëtt, wa mer géifen op d'Hëllef an d'Soinen doheem goen, well ee mierkt, datt jo do d'Personal, wat an enger Institution ass, méi Leit kann en charge huelen, wéi wann Der ëmmer erëm muss bei eenzel Leit heem goen. Vun dohier ass dat net dat, wat am rentabelsten ass. Et ass awer sécher fir eng ganz Partie Leit méi schéin, wann ee kann doheem bleiwen, wéi wann een an där schéinsten Institution ass. Duerfir ass dat éischter e Choix vun deem Eenzelnen, wéi datt et een ass, wou ee seet, domadder kéint ee Geld spueren.

Merci.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

► **M. le Président**.- Merci der Familljeministesch. An domadder wier d'Diskussion ofgeschloss a mir kéimen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi. D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procura-

tion.

De Vote ass ofgeschloss an de Projet de loi 5956 ass ugehall mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies (par M. Lucien Clement), Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz (par M. Félix Eischen), Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Michel Wolter), Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Alex Bodry), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par Mme Claudia Dall'Agnol), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Ben Scheuer);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Eugène Berger), Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helming (par M. Fernand Etgen), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Den nächste Punkt vun eisem Ordre du jour ass de Projet de loi 6038 iwwert de Bau vun enger Maison de soins fir Leit mat psychogeriatresche Problemer. D'Riedezäit ass och hei nom Basismodell festgeluecht an et hu sech bis elo schonn ageschriwwen déi Häre Berger, Haagen a Colombero. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Jean-Paul Schaaf. Här Schaaf, Dir hutt d'Wuert.